LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°1648 vum 10. Dezember 2024 vum honorabelen Députéierten André Bauler zum Sujet "Konflikter tëscht dem Gemengepersonal an dem Schäfferot op verschiddene Gemengen"**

**Fro 1**

Eng effizient Gestioun vum Gemengepersonal an e positiivt Aarbechtsklima sinn essenziell wichteg fir en optimaalt Fonctionnement vun enger Gemengeverwaltung am Interessi vun hire Bierger ze garantéieren. Dofir ass den Inneminister der Meenung, dass all Konfliktsituatioun tëschent dem Personal vun enger Gemeng an dem Schäfferot bedauerlech ass an esou séier wéi méiglech soll geléist ginn.

Wëll den Inneminister weeder an der Gestioun nach am Régime disciplinaire vum Gemengepersonal eng legal Kompetenz huet, verfüügt den Inneministère iwwer keen Zuelematerial an deem Zesummenhang.

**Fro 2**

Et muss een awer objektiv feststellen, dass déi vereenzelt Fäll vu Konfliktsituatiounen a Gemengeverwaltungen, vun deenen a leschter Zäit an der Press beriicht gouf, d'Ausnam ënner deenen 100 Gemengen a 70 Gemengesyndikater duerstellen.

D'Disziplinarrecht am Gemengesecteur variéiert a Fonctioun vum Régime, ënner deem d'Gemengepersonal agestallt ass. D'Gesetz vum 24. Dezember 1985 iwwer de Gemengebeamtestatut gesäit fir Fonctionnaires an Employés communaux e Régime discplinaire vir, den identesch ass mat deem vun der staatlecher Fonction Publique. De Commissaire, dee fir d'Instruction disciplinaire vu Staatsagenten zoustänneg ass, ass och fir d'Gemengepersonal kompetent.

Salariéen, déi vu kommunale Verwaltungen agestallt sinn, ënnerleien dem Code du Travail, et sief dann, déi concernéiert Verwaltung applizéiert e Kollektivvertrag, den e Régime disciplinaire virgesäit.

**Fro 3**

De Service psychosocial vum Ministère vun der Fonction Publique, dee fir d'psychologesch Betreiung vum Staatspersonal zoustänneg ass, steet och dem Gemengepersonal zur Verfügung. Et gëtt keng "Cellule de Médiation" am Ministère des Affaires intérieures.

D'Gemengegesetz attribuéiert dem Inneminister eng Rëtsch Kompetenzen an der Surveillance vun de Gemengenaffairen. Dës Kompetenzen erlaben et dem Inneminister a senge Servicer net, als Mediateur, deen neutral muss sinn, tëschent de Gemengenautoritéiten an hirem Personal ze intervenéieren.

Lëtzebuerg, den 18. Dezember 2024
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN